



Mee Dir hutt Recht, et muss ee jo och Alternativen ubidden. An dofir hu mer och bewusst geschriwwen, fir emol e Plang auszeschaffen, dass een emol iwwerhaapt driwwer diskutéiert, well de Wonsch ass, an ech denken, d'ganz Chamber ass jo awer där Mee-nung, dass mer vun deem Atomstrom lasskomme wëllen. Mir kënnen net ëmmer nëmme soen: „Mir wëllen net Cattenom!“, awer selwer 10 % Atomstrom notzen. Dat geet einfach net! Do solle mer einfach zesumme kucken als Chamber, wéi mer dovunner lasskommen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Goergen. Den Här Minister hat „Jo“ gewénkt.

#### Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Wien d'accord ass, fir d'Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder muss d'Kommissioun sech iwwert dës Motioun ënnerhalen.

**(La motion n° 1 de M. Marc Goergen est renvoyée à la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire.)**

### 8. 7681 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 décembre 2015 relative à la protection internationale et à la protection temporaire

Als nächst hu mer de Projet de loi 7681 iwwert den internationale Schutz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile**

■ **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Ech entschëllege mech och direkt bei deene Leit, déi nolauschteren, well fir deen heite Punkt iwwert d'Asylgesetz an och deen nächsten iwwert d'Immigrationsgesetz, do muss ee schonn e bëssen an der Matière sinn. Ech probéieren nawell a menger Ried, esou einfach a kloer wéi méiglech ze sinn. Ech weess net, ob et mer geléngt, mee probéiere wäert ech et op alle Fall!

De Projet, iwwert dee mer elo als Éischt befannen, ännert d'Asylgesetz vun 2015 op enger Rëtsch Punkten. Et geet haaptsächlech ëm verschidde Recours-méiglechkeeten, déi geännert oder och nei agefouert ginn.

Loosst mech fir d'Éischt kuerz op d'Aarbechten an eiser Kommissioun agoen. Den 8. Mäerz hu mer de Projet an den Avis vum Staatsrot analyséiert. Och ze notéieren ass, dass mer en Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics den 9. Dezember an och ee vun der Mënscherechtskommissioun den 18. Mäerz kritt hunn. De leschten Dënschden hu mer de Rapport dann an der Kommissioun ugeholl.

Als Éischt setzt d'Gesetz e Punkt aus dem Koalitionsaccord ëm, wou et drëms geet, d'Recours-méiglechkeete géint eng Décision de transfert am Kader vun den Dublin-Reglementer ze iwwerschaffen. Hei gouf et bis elo e Recours en annulation, deen elo duerch e Recours en réformation ersat gëtt. Dat huet zwou wichteg Konsequenzen: Engersäits statuëiert den Tribunal elo net méi just iwwert d'Legalitéit vum Transfert, mee och zur Opportunitéit, wat also heescht, dass e seng eegen Appreciation zur Situatioun matabiliséisse loosse kann a sech och iwwert dem Minister seng Decisioun ewechsetze kann.

An deem Kontext kann d'Gericht och nei Elementer an d'A faassen, déi zum Beispill zanter der Décision de transfert opgetruede sinn, zum Beispill eng Verschlechterung vun der aktueller Situatioun um Terrain an deem Land, wouhin den Transfert soll gemaach ginn.

Dës Zort Recours huet en Effet suspensif, heescht also, dass den Demandeur vun der Protection internationale hei zu Lëtzebuerg bleiwe kann, bis den Tribunal statuëiert huet. Bis elo war et effektiv esou, dass den Transfert och scho virun der Decisioun vum Gericht ausgeféiert konnt ginn, ausser wann e Référé gemaach gouf. Doriwwer eraus huet den Tribunal elo net méi zwee, mee just nach ee Mount Zäit, fir seng Decisioun ze huelen.

Zweetens féiert dës Projet zwou nei Recours-méiglechkeeten an. Bei der éischter geet et ëm e Recours géint eng Décision de clôture définitive. Am Moment gesäit den Artikel 23 vum Asylgesetz vir, dass de Minister a verschidde Fäll dovun ausgoe kann, dass en Demandeur de protection internationale seng Demande implizit zréckgezunn huet, dat zum Beispill, wann e sech net méi mellt oder och net méi op seng Convocatioun reagéiert. An deem

Fall huet de Minister dann zwou Méiglechkeeten: E kann entweder eng Décision de clôture froen oder d'Demande einfach rejetéieren, wann et genuch Elementer ginn, déi esou eng Decisioun géife rechtfertigen.

Am Fall vun enger Décision de clôture gesäit d'Gesetz aktuell vir, dass een e Recours géint dës Decisioun alees kann, wat awer net onbedéngt sënnavoll ass. Wann eng Persoun néng Méint laang net reagiert huet, verwandelt sech déi Decisioun an eng Décision de clôture définitive. Bannent dësen néng Méint huet den Demandeur de protection internationale d'Méiglechkeet, d'Erëmpmaache vu sengem Dossier unzefroen.

Mat dësem Gesetz gëtt elo e Recours géint d'Décision de clôture définitive ageféiert an deen ersetzt de Recours géint d'Décision de clôture. De Recours muss bannent engem Mount gemaach ginn, gerechent vum Dag un, wou et d'Décision de clôture définitive gëtt. Do virdru kann een, wéi gesot, d'Demande nei maachen.

Zweetens gëtt e Recours en réformation géint de Retrait vum Statut ageféiert, wou et am Moment nach keng spezifesch Recoursméiglechkeet gouf. Dat huet ee bis elo ënnert dem Droit commun misse maachen.

Als Lescht gesäit de Projet och vir, dass elo alleguer d'Membere vum Kader vun der Police d'Fangerofréck vun enger Persoun huele kënnen, déi irregulär zu Lëtzebuerg ass, dat am Kader vun der Prozedur, déi am Dublin-III-Reglement virgesinn ass.

Just als Background: Bis elo ass dat am Artikel 103 vum Immigrationsgesetz gereegelt an dësen Artikel seet, dass d'Police judiciaire dës Aufgab iwwerhëlt. Am Moment ass et generell d'Friemepolice, déi dat mécht, an déi ass jo en Deel vun der Police judiciaire.

Praktesch gesäit et esou aus, dass, wann d'Police op eng Persoun am irregulären Openthalt trëfft, bei där se wësse wëllt, ob se schonn eng Demande de protection internationale an engem aneren EU-Memberstaat gemaach huet, dann hëlt se déi Persoun mat op de Findel, fir dat an deem sougenannten Eurodac-System nozekucken an hire Wee do ze iwwerpräiwen.

Dës Ofdréck däerf am Moment eebe just d'Police judiciaire maachen, wat awer net wierklech de Besoin vum haut gerecht gëtt an och net der Realitéit entsprécht. D'Agente vun der Police judiciaire si weekends, awer och zum Beispill owes, net ëmmer direkt disponibel, wat heescht, dass d'Policeagenten dës Persounen deels dann an de Centre de rétention setzen, wat wierklech alles anescht wéi optimal ass.

Mat dësem Changement adaptéiert ee sech also gar un d'Realitéte vum Terrain. Op Propos vum Staatsrot hu mer als Kommissioun dann d'Terminologie „membre du cadre de la Police grand-ducale“ festgehalen.

Insgesamt ass et keng grouss Reform vum Asylgesetz, mee ech mengen, dass dës Verännerunge kleng, awer duerchaus sënnavoll sinn an e Schrëtt an déi richteg Richtung an et erlaben, d'Prozeduren ze vereinfachen, méi séier ze maachen, awer virun allem d'Rechter vun den Demandeurs de protection internationale ze stäerken. An duerfir kann ech och den Accord gi vun der LSAP. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci. Ech soen dem Här Rapporteur Yves Cruchten Merci fir säi fir mech verständleche Rapport.

An ech ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, merci dem Yves Cruchten fir säi Rapport. En huet dat ganz verständlech gemaach an en hat am Virfeld versprach, esou exhaustiv wéi méiglech ze sinn, sou-dass ech näischt méi bräicht ze soen. Dofir gräifen ech mer just zwou Saachen eraus.

Et ass e Gesetz, wat an enger duerchaus ganz kriddeleger Matière soll méi Kloerheet bréngen, méi Rechte an hoffentlech och méi Sensibilitéit, well eeben d'Matière esou kriddeleg ass.

Zwou Saachen, déi ech wëll erausgräifen: Déi éischt ass d'Vérification d'identité, vun där den Yves Cruchten elo zum Schluss geschwat huet, wou d'Membere vun der Police implizéiert sinn.

Mir fannen et ganz wichteg, dass an esou engem Kader, wou et jo awer drëms geet, d'Identitéit vun engem Mënsch ze verifizéieren, dee selwer iergendwéi an enger prekärer Situatioun ass, mat ganz vill Souplesse a Sensibilitéit virgaange gëtt. Dofir hate mer gefrot, wéi déi Leit da forméiert wäeren. An dat war net eng Fro no der Formation, ob se wéissten, wéi ee géif Fangerofréck ofhuelen - ech mengen,

ech war do an der Kommissioun e bësse falsch verstanen. Et ass drëms gaangen, ob déi Mënschen och forméiert sinn, fir einfach ze wëssen, wéi ee mat engem Mënsch, deen an där doter Situatioun ass, an deem Moment ëmgeet, well dat ass nämlech ee vun de wichtige Punkten.

„Toute vérification nécessaire“, déi an deem Moment muss gemaach ginn, bezitt sech jo normalerweis op d'Fouillen. An do ass et och zum Beispill dem Lëtzebuerger Flüchtlingsrot wichteg gewiescht, an ech mengen, och der Mënscherechtskommissioun, fir ze soen, dass ee genau déi Fouillë muss gutt definéieren, dass et eeben dorëms geet, d'Identitéit feststellen, an net nach privat Objete wéi zum Beispill den Handy duerchzekucken.

Ganz besonnesch ass dat e wichtigen Theema bei de Mineurs non accompagnés, well déi Mineurs non accompagnés hunn nämlech e Recht op en Administrateur ad hoc. An déi Prozedur muss och esou agehale ginn, dass deen Administrateur ad hoc och derbäi ass an deem Moment, wou e Mineur non accompagné dann déi dote Vérification d'identité gemaach kritt.

Do war zum Beispill och déi Fro opkomm, déi huet de Lëtzebuerger Flüchtlingsrot och thematiséiert, dass sech jo déi Fro heiansdo stellt, dass d'Mineurs non accompagnés hire Gebuertsdatum net kënnen uginne an dat da ganz séier interpretéiert gëtt als de Versuch vun enger Ligen oder fir eppes ze verstoppen. Dat ass awer a Wierklechkeet vill méi komplex, well vill Jonker an hirem Kader hire Gebuertsdatum guer net kennen, well deen zum Beispill an hirem Kultur net geféiert gëtt oder well se e Gebuertsdag hunn an engem anere Kalenner a guer net wëssen, wéini dee Gebuertsdag an eisem Kalenner ass. Genau déi dote Souplesse an déi dote Sensibilitéit, déi muss eeben och deene Leit, déi déi Vérification d'identité maachen, bekannt sinn.

An dat Zweet, wat ech nach wollt kuerz soen, an den Yves Cruchten ass och schonn drop agaangen, dat sinn d'Voies de recours, wou mer ausdrécklech begrëssen, dass do elo aus engem Recours en annulation e Recours en réformation gemaach gëtt, wat natierlech och dann d'Rechter erweidert. An och, dass d'Jugen, wann et ëm eng Dublin-Affär geet, elo sollen innerhalb vun engem Mount transchëieren, net innerhalb vun zwee Méint.

Gutt, de Lëtzebuerger Flüchtlingsrot huet ze bedenke ginn, dass dat op kee Fall däerf op d'Käschte vun der Qualitéit vun esou engem Jugement goen. Dat, mengen ech, misst eigentlech selbstverständlech sinn, mee et ass richtig, dat nach eng Keier ze soen.

An deem Sënn fënnt natierlech dës Gesetzesprojet, well en esou wichteg Verännerungen a Verbesserungen an enger ganz kriddeleger Matière bréngt, eis voll Ënnerstëtzung. Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Paul Galles. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Et ass hei schonn, wéi den Yves Cruchten gesot huet, e Gesetz, wat vläicht relativ schwéier no baussen ze erklären ass, mee ech muss awer soen, dass den Här Cruchten dat exzellent gemaach huet. Ech soen him och Merci fir seng verschidde Rapporten.

E weesentlecht Element, wat een hei awer muss eraussträichen, dat ass effektiv déi Ännerung, wat eeben de Recours ubelaangt. Mir gi vun engem Recours en annulation zu engem Recours en réformation. Dat ass awer e weesentlecht Element. Dat heescht, mir ginn a sech an eng nach méi digne Behandlung vun den DPlen. Mir ginn den Tribunaler natierlech hei och eng zousätzlech wichteg Aufgab, ëmsou méi, datt och hiren Delai, fir d'Decisioun kënnen ze huelen, ëm e Mount verkierzt gëtt. Mir ginn also enger zousätzlecher wichteger Instanz an eiem ganzen demokratesche Gebilde eng zousätzlech wichteg Missioun.

An dat beweist jo awer, wéi mir als Lëtzebuerg grad eeben zu den DPlen stinn. Ech mengen, dat kann een awer da roueg soen, datt Lëtzebuerg do u sech e gudd Modell ass, well mer awer d'Dignitéit, d'Würd vun deene Leit voll uerkennen duerch eeben déi Moossmach.

Déi zweet, wat eeben och elo déi Empreinten ubelaangt, ass u sech och, wéi den Här Cruchten dat richtig gesot huet, eng Konsequenz vun deem, wat um Terrain vir sech geet. Ënnert dem Stréch ass dat heite reng vun dem Text hier gekuckt vläicht méi e modest Gesetz, mee awer eent mat enger trotzdem grousser Dimensioun.

An deem Sënn wäerte mir dann och eis Zoustëmmung als DP ginn. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Effektiv, et ass en Dossier, deen, wéi den Här Rapporteur gesot huet, e bësse méi komplex an der Matière ass. Et muss ee sech,

wann een e gutt wëllt verstoen, vläicht och e bësselche mat der ganzer Reglementatioun hannendru schonn auskennen, fir déi Begrëffer och ze kennen. Mee ech mengen, Här Cruchten, Dir hutt lech vill Méi ginn, fir eis dat awer esou gutt verständlech wéi méiglech hei ze rapportéieren an ze erklären. Dofir och e Merci fir Äre Rapport.

Ech ka mech menge Virriedner nëmmen uschlëissen, wat de Volet betrëfft, dass mer eis natierlech och freeën, dass mer hei zu enger ganzer Partie Verbesserungë bäidroen, och wa se méi klenger Natur sinn, an dass mer eis notamment eeben och doriwwer freeën, wat de Recours ubelaangt. Well wa mer hei dervunner schwätzen, dass mer eng Ännerung aféieren, d'Méiglechkeet, fir iwwert d'Opportunitéit ze statuëieren, an net just iwwert d'Legalitéit vun der Demande ze schwätzen, da brénge mer eeben och de Volet eran, dass mer hei iwwer Mënsche schwätzen, dass dat Mënsche sinn, déi alleguerten e spezielle Cas de figure hunn a wou mer och mussen op hir Doleancen, op hir Besoinen an hir Rechte als Mënsch an dëser Gesellschaft agoen.

Wéi gesot, et si kleng, awer sënnavoll Ännerungen, déi d'Rechter vun den Demandeurs definitiv stäerken a wou, wéi gesot, fir eis besonnesch ervirstécht, dass mer ervirhiewe wëllen, dass de mënschleche Volet an deem ganze Kader awer hei e bësselche méi erauskënnt. An deem Sënn gi mer natierlech och den Accord vun eiser Fraktioun fir dës Projet de loi.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech soen och dem Här Cruchten Merci. Hien huet dat wonnerbar presentéiert, mat vill perséinlechem Engagement, an en huet och vill Härz an dësen Dossier geluecht, wéi mer e kennen. Dat ass alles ganz gutt esou an dofir soe mer him Merci.

Et geet eigentlech drëm, datt ëmmer méi Prozeduren hei ageféiert ginn. Dat gesäit am Ufank aus wéi Rechtsstaatlechkeet. An d'Virriedner hunn och gesot: „Mir stäerken d'Recht vun deene Leit, déi Asyl froen“, an esou weider. Dat kléngt gutt, mee et ass ganz eesäitig, well net nëmmen déi Leit hu Rechte, mee och eist Land huet Rechte an dëser Diskussioun. Mir musse kucken, datt d'Interessien, déi mir als Staat hunn, als Communautéit, datt déi och gerechtfertegt sinn a bewaart sinn an enger Diskussioun ëm Asyl.

An dozou gehéiert och, de Mëssbrauch vum Asyl ze verhënneren. Dat ass einfach eng Tatsaach, well mir hunn hei eng grouss Migration. Et geet eigentlech éischter ëm eng Migration wéi Asyl, well déi Leit, déi wierklech verfollegt sinn, déi sinn eng Minoritéit an där Zuel, där grousser Zuel vu Leit, déi zënter 2015 an Europa ukomm sinn.

Déi eenzel Dispositiounen, déi hei proposéiert ginn, dat ass beim Dublin-Vertrag, do muss ee soen: „Pacta sunt servanda.“ Dat ass dat Alleréisch. Dat heescht, wa mir eng Obligatioun hunn ënner Dublin, fir een zréckzeféieren an e Land, dat zoustänneg ass, da solle mer dat maachen. Fir elo d'Opportunitéit dovunner ze präiwen, dat kéint och um Verwaltungswee gemaach ginn, well ech si sécher, datt d'Verwaltungsbeamten och keen zréckféieren an e Land, wou d'Zoustänn et net géifen erlaben. Fir dat elo ze justifiéieren, dat féiert zu onheemlechen Delaien.

D'Clôture définitive, dat ass eppes, wat d'Leit derzou verleet - an dat hu mer ganz dacks -, fir an e puer Länner gläichzäitig Asylprozeduren ze lancéieren a grad do, wou se ofgeschloss gëtt, dann erëm e Recours ze maachen. Dat ass eng Méiglechkeet vu Mëssbrauch, dat heiten. Mir sinn net domat d'accord.

Dat Drëtt ass de Retrait vum Statut. Gutt, datt een do e Recours aféiert, do kann een dermat d'accord sinn, mee dat muss eng kuerz Prozedur sinn.

Wat een awer muss wëssen, ass, datt Lëtzebuerg hei wäit iwwert daterausgeet, wat d'europäesch Direktiv ënnert dem Asylrecht eis géif virschreiwen, an och wäit iwwert daterausgeet, wat an aneren EU-Länner gemaach gëtt. An dat ass eng wichteg Consideratioun, well mir gesinn an der EU a ganz ville Länner - an net nëmmen, wéi da gesot gëtt, an Osteuropa, mee mir gesinn et an Eisträich, mir gesinn et an Dänemark, mir gesinn et a ganz ville Länner -, datt do eng ganz Rei vun Decisiounen geholl ginn, politeschen Decisiounen, fir eigentlech de Mëssbrauch vum Asylrecht anzeschränken. Dat ass eng ganz kloer Tendenz an Europa.

Lëtzebuerg ass eigentlech déi Ausnam, déi an déi aner Richtung geet. An et muss een awer ganz kloer kucken, wat d'Effekter sinn hei vun esou Dispositiounen, wou mer, wéi gesot, eppes maachen, wat soss néierens an Europa an deem Mooss gemaach gëtt. Et gëtt eng Rei Effekter:

Dat Éischt ass eng weider Belaaschtung vun eise Verwaltungsgerichter, déi elo scho ganz vill mat Asylfroen beschäftegt sinn. Elo kommen dräi zousätzlech Recoursméiglechkeeten derbäi. Et ass





eng Saach, déi praktesch komplett vum Steuerbe-  
zueler finanziéiert gëtt, well dat gëtt jo alles iwwer  
eng Assistance judiciaire finanziéiert, an ech  
mengen, dat ass och en Aspekt dozou. An ech géif  
soen, et ass och e Recht vun engem Staat fir ze ku-  
cken, datt awer eng proportionell Consideratioun  
gemaach gëtt tëschent der Valeur ajoutée an dem  
Räsonnement hannert esou zusätzliche Recours-  
méiglechkeeten an deem, wat et awer fir eise Staat  
als Belaaschtung duerstellt.

Extern favoriséiert dat heiten den „asylum shop-  
ping“ a verschiddene Staaten, well et ass jo kloer,  
datt dat gutt organiséiert ass. Ech mengen, déi Mi-  
grante gi beroden, si kënnen vun engem Land an dat  
anert goen - et ass zwar net legal -, fir Asylprozedu-  
ren unzefroen. An natierlech, e Land wéi Lëtze-  
buerg, wat esou vill Recoursen offréiert an dobäi  
och natierlech aner Virdeeler, déi aner Länner net  
méi offréieren, dat ass natierlech eppes, wat dee  
sougenannte „pull factor“ a Richtung Lëtzebuerg  
nach verstärkt, nämlech d'Dispositioun, déi d'Leit  
op Lëtzebuerg zitt éischter wéi an en anert EU-  
Land, fir hei d'Prozeduren ze maachen.

Ech kann déi Leit verstoen. Déi meescht vun hinne  
kommen net, well se verfollegt sinn, mee well se  
hoffen, fir sech selwer a spéider fir hir Famill hir  
Liewenskonditiounen ze verbessern. Mënschlech  
kann een dat verstoen. Mee ass et am Interessi vun  
einem Land? Dat ass déi aner Fro. Mir stellen déi Fro  
als ADR. Mir kucken net nëmmen d'Interessie vun  
deene Leit, déi dat eebe wëllen, a wat ee ka verstoen,  
mee mir kucken och: Ass dat fir eis Gesellschaft  
sënnvoll? Kënnen déi Leit integréiert gi laangfristeg?  
Wat brénge se eiser Gesellschaft? Well mir schwätze  
jo hei iwwer eng ekonomesch Migratioun un éischter  
Plaz, loosse mer dat net vergiessen!

Dann hu mer net nëmmen déi Saachen no baussen.  
Mee mir mussen eis och emol froen, wat gesot gëtt.  
Wa mer déi Migratioun wëlle bekämpfen, ass jo eng  
vun deene Floskelen, déi een am Abléck ganz vill  
héiert: „Mir mussen d'Fluchtersaache bekämpfen!“  
Dat gëtt gesot. Mee mir musse wëssen an dëser Mi-  
grationskris, datt jo déi meescht net kommen, well  
se politesch verfollegt sinn oder anescht verfollegt.  
Do ass guer keng Diskussioun, déi géife mer direkt  
ophuelen. An ech mengen, do weess all Verwaltung  
ouni Geriicht: Wa wierklech e Fall ass vu Verfolgung  
aus Reliounsgrënn, aus rassische Grënn, aus poli-  
tesche Grënn, wat och ëmmer, dann ass dat guer  
keng Diskussioun. D'Asylrecht steet net zur Dispo-  
sitioun a muss voll a ganz respektéiert ginn.

Mir schwätzen hei iwwer dee grouse Problem-  
beräich vun der ekonomescher Migratioun. A wann  
een do seet „Fluchtersaache bekämpfen“, da muss  
ee wëssen: Et sinn net déi Äermst a Subsahara,  
Afrika oder esou, déi sech op de Wee maachen. Et si  
Leit, déi genuch Suen hunn, fir Schlepper ze  
bezuelen, d'Rees ze bezuelen, an der Hoffnung, hir  
Famill kënnen nozehuelen. Et si Leit, déi schonn eng  
gewësse Réussite économique hunn an déi eigent-  
lech an hire Länner feelen, fir hir Länner mat opze-  
bauen. Et sinn déi prioritär, déi sech op de Wee ma-  
chen an Europa, fir dann hei hir Liewenskonditiounen  
ze verbessern. Wéi gesot, dat kann een novollzéien.  
Mee amplaz d'Fluchtersaachen ze bekämpfen, si mir  
amgaang, Fluchtersaachen an deem Sënn hei mat  
esou Gesetzer opzebauen, well mir et attraktiv ma-  
che fir déi Leit, fir an Europa ze kommen, amplaz  
derfir ze suergen, datt se an hire Länner, am Interessi  
vun hire Gesellschaften, kënnen eng Karriär opbauen,  
mat hirem Wëssen, wat se deen Abléck hunn - well et  
si, wéi gesot, Leit, déi schonn heiansdo e bësse méi  
wäit an der sozialer Hierarchie no vir komm sinn -, fir  
kënnen sënnvoll fir hir Gesellschaften matzewierken.

Mir verstärke mat esou Gesetzer de „pull factor“.  
Et ass net sënnvoll. Wéi gesot, alles, an dat muss  
een ëmmer erëm kloer soen, alles, wat Asyl ass, al-  
les, wou Leit verfollegt ginn, do ass et eng mora-  
lesch Pflicht an eng juristesche Pflicht ënner interna-  
tionalem Recht, deene Leit ze hëllefen. Dat stellt  
d'ADR a kenger Weis a Fro. Wat mir a Fro stellen,  
dat ass déi ekonomesch Migratioun, déi mer mas-  
siv an Europa hunn. Déi wëlle mir bekämpfen, an  
dat heiten ass e Schrëtt an déi falsch Richtung an  
dofir wäerte mir dat hei och net matstëmmen.

Hei ass eng Ëmsetzung, wéi den Här Cruchten et  
gesot huet, vum Gambia-Koalitiounsprogramm. Et  
ass selbstverständlech d'Recht vun deene Parteien,  
hir Pflicht och ënner sech, fir dozou ze stoen. Mir  
wonnen eis awer, datt d'CSV och mat Be-  
geeschterung dës Dispositiounen aus dem Gambia-  
Koalitiounsprogramm matstëmmt. Mir sinn net an  
där Koalitioun. Mir wëllen net dozou gehéieren. Mir  
maache vernëfteg Politik.

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools,  
Här Kartheiser. An d'Riederpult ass elo fräi fir den  
honorablen Här David Wagner. Här Wagner, Dir  
hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Jo. Et ass ëmmer  
ustrengend. Et ass net einfach.

(Brouhaha)

Et ass net einfach, d'autant plus, datt mer e puer  
Schwierigkeeten hu mat deem Projet de loi, mat  
deenen zwee Projets de loi, well engersäits gi se an  
eng gutt Richtung, notament, dat ass jo schonn e  
puermol gesot ginn, datt mer endlech och dee Re-  
cours en réformation hunn. Et ass e Fortschritt,  
well wann do eng Decisioun contestéiert gëtt, da  
gëtt de Réckfluch, also d'Exekutioun vun der Deci-  
sioun, suspendéiert. Dat wäert schonn immens vill  
Misär erspieren. A mir mengen, datt dat e richtege  
Fortschritt ass.

Duerno déi Saach, bon, vun der Verkierzung vun  
zwee op ee Mount, fir datt duerno de Riichter oder  
d'Riichterin muss eng Decisioun justifizéieren. Dat  
ass och scho gesot gi vum Här Galles, datt do och  
de Lëtzebuurger Flüchtlingsrot sech gefrot huet, ob  
dat oportoun wier an ob dat net och kéint zulaaschte  
vun de Refugiéen oder vun den Demandeure sinn.

Et ass schwéier fir mech, dat anzuschätzen, mee ech  
huelen déi Remark vum Lëtzebuurger Flüchtlingsrot  
awer eescht, well mir wëssen, datt si jo ganz vill  
esou Fäll betreffen an och ganz genau wëssen, wat  
do leeft, entgéint deem, wat mäi Virriedner gesot  
huet. Dat heescht, do stellt sech awer eng Fro.

Well bis elo war et awer esou, also et ginn tatsäch-  
lech ... D'ADR behaupt - ech muss awer vun der ADR  
schwätzen, et ass mer egal! -, d'ADR behaupt, et wier  
esou en, wéi nenne se dat: „Asylmëssbrauch“? Et ass  
e Wuert, wat erfonnt ass, d'autant plus, datt et  
Asylmëssbrauch hei zu Lëtzebuerg net gëtt. Dat gëtt  
et net! A wien dat behaupt, dee litt ganz kloer. Mee  
dat ass de Fonds de commerce vun der ADR,  
d'Ligen!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- D'Leit mussen dat  
ganz kloer wëssen, well jiddwereen, deen eppes  
domadder ze dinn huet, jiddwereen, dee mat Refu-  
giéen ze dinn hat, an där ginn et der vill hei am  
Raum - ausser der ADR, well dat interesséiert si  
net -, jiddwereen, dee versicht huet, deene  
Mënschen ze hëllefen, dee weess, wéi schwéier et  
ka sinn!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Stellt lech emol eng  
syresch Fra hei zu Lëtzebuerg vir - well dat ass zum  
Beispill e Fall -, déi fir d'éischt a Griicheland war. An  
da kritt se gesot - ech mengen, hire Mann war och  
derbäi -, si misst zrëckgoen a Griicheland, an e Camp  
da warscheinlech. Mee si seet: „Jo, mee ech si ver-  
gewartegt gi vu Polizisten a Griicheland.“ Dat ka jo  
virkommen. Si huet et gesot, jo, mee dat mussst Der  
kënnen bewiesen! Wësst Der, wat fir en Trauma dat  
ass!? Dat ass keen Asylmëssbrauch. An där Ge-  
schichte ginn et der esou vill. An datt d'ADR esou  
kalbliddeg, onmënschlech Politpropaganda mécht,  
fir e puer Wielerstëmmen ze fänken, degoutéiert  
mech!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Et ass net honora-  
bel. Et soll ee keng Politik maachen um Bockel vun  
deene Schwächsten. Ech weess, déi Propaganda  
vun der ADR a vu Rietsen a vu Rietsextremen ass  
einfach. Et ass eppes ganz Ales, ëmmer iergendee  
Sündenbock ze huelen. Där ginn et der vill a si kënnen  
sech och meeschtens net verteidegen. An dat wierkt  
vläicht heiansdo bei gewëssene Leit, déi dat och net  
onbedéngt wëssen, déi eng Roserei hunn a sech  
soen: „Okay, jo. Mee kuckt hei, d'Refugiéen, déi  
kréien!“

Also, ech krut schonn esou virgeworf, also net vir-  
geworf, ech hu scho mat Leit geschwat, déi soen:  
„Fënns du dat an der Rei, David, datt d'Refugiéen  
2.000 Euro de Mount vun der Regierung kréien?“ Ech  
sot: „Ma wouhier dann!“ Dann hu se dat iergendwou  
op Facebook gelies. An da kanns de hinnen dat och  
vläicht heiansdo erklären, mee da soe se, dass si mir  
dat net gleewen. An ech soen: „Mee hei, ech vertei-  
degen déi Regierung jo net, ëm Gottes Wëllen!“

(Hilarité)

Nee, mee da muss een dat awer erklären. Et gëtt  
ëmmer alles esou vermëscht mateneen. Bon.

Duerno ginn et awer och nach aner Problemer -  
erëm zrëck zum Gesetz -, ech hat jo och eng Que-  
stion parlementaire gestallt, well et gi jo awer och  
Problemer, an de Lëtzebuurger Flüchtlingsrot seet  
dat och, zum Beispill, wat d'Presence vun engem  
Affekot ugeet, net nëmme bei Mineuren. Also, beim  
Lëtzebuurger Flüchtlingsrot soe se: „Wann e Mineur  
derbäi ass an dee gétt gefrot, do misst jo awer och  
en Affekot kënnen derbäi sinn. Prinzipiell misst och  
beim Depot vun der Demande kënnen en Affekot  
derbäi sinn.“

Ech hat do eng Question parlementaire gestallt. Do  
krut ech als Äntwert: „Ma nee, mee dee gëtt  
opgekläert neutral vun engem Beamten.“ Ech ënner-  
stellen dem Beamten net, egal wat ze erzielen. Mee  
rechtsstaatlech gesi muss awer kënnen eng Persoun  
d'Recht hunn, hiren Affekot matzebréngen, well den  
Droit ass awer eppes Komplizéiertes, an et muss ee  
scho Jurist sinn. D'Juriste si sech selwer ënnerenee

jo ni eens. Dat heescht, dat muss e Recht sinn, wat  
verankert ass.

(Interruption)

Ma nee, dat ass normal, well soss géif et jo keen  
Droit ginn. Mee dat misst e Recht sinn, wat veran-  
kert gëtt.

(Interruption)

Voilà. An ech mengen, dat ass problematesch.

An duerno nach, wat d'Fouillen ugeet, dat gëtt elo  
elargéiert, also wat d'Verifikatioun ugeet, dat gëtt  
elargéiert. Et ka jo och bis zu Fouille-corporellé  
kommen. An da kann et och esou wäit kommen,  
datt den Handy geholl gëtt. Dat huet jo och d'Com-  
mission consultative des droits de l'homme bean-  
stant. Ech hunn och dozou eng Question parlemen-  
taire gestallt, virun zwou Wochen, mengen ech, fir ze  
froen: „Wéi wäit geet dat? Wat geschitt mam Handy?  
Wéi gëtt dat analyséiert? Wat geschitt mat den Da-  
ten?“, an esou weider. Bon, ech wäert eng Réponse  
écrite kréien. Wann den Här Ausseminister och nach  
wëllt elo e bëssen dorobber agoen, kann en dat  
roueg maachen. Mee dat sinn alles awer Problema-  
tiken, déi keng Lappalie sinn. An et sinn awer  
mënschlech Schicksaler, déi dohannert stinn.

Bon, mir wäerten eis dowéinst enthalen. Mir hätten  
am léifste gären derfir gestëmmt, mee trotzdeem  
hu mer e puer Schwierigkeete bei gewëssene  
Punkten, déi e bësse flou sinn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools,  
Här Wagner. A leschten ageschriwwene Riedner  
ass den honorablen Här Sven Clement. Här  
Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif  
Kolleginnen a Kollegen, mat dësem Gesetz solle  
punktuell Ännerungen am Gesetz zu de Prozeduren,  
déi d'Demandeurs de protection internationale be-  
treffen, gemaach ginn.

An enger éischter Linn wier dëst absolutt ze be-  
gréissen, entsprécht dach d'Gesetz vun 2015 net  
ëmmer de Gegebenheeten um Terrain a bräicht e  
klenge Refresh.

D'Tatsaach, datt d'DPlen elo kënnen och nach no de  
festgeluechten néng Méint Recours géint d'Zou-  
maache vun hirem Dossier aleëen, begrëisse mer.

Och déi méi kuerz Delaien, an deenen d'Geriicht  
muss tranchéieren, well et de Beträffene méi séier  
Auskunft iwwer hire Status hei am Land muss ginn,  
sinn absolutt ze begrëissen. D'Persounen, déi op  
Lëtzebuerg kommen, hänke ganz heefeg vill ze  
laang an de Seeler, wëssen net, ob se dann elo  
dierfe bleiwen an ob se sech zu Lëtzebuerg e Liewe  
kënnen opbauen oder net. Dës Prozedure mussen  
am Allgemenge méi kuerz ginn.

Wëssenschaftlech Studie beleëen, dass d'Integra-  
tioun am beschte geléngt, wann d'Leit séier no hirer  
Arrivée an engem Land encadréiert ginn an eng  
Zukunftsperspektiv opgewise kréien. Mir Piraten  
hunn dofir schonn heefeg derfir plädéiert, datt keng  
Prozedur méi wéi ee Joer dierf daueren. Woubäi ee  
Joer nach ëmmer eng Éiwegkeet ass fir déi Betraf-  
fen, déi aus hiren Heemechtslänner op Lëtzebuerg  
flüchten, well se dohannen einfach net méi bleiwe  
kënnen. Déi Leit hu vill ze heefeg ganz Trauma-  
tesches erlieft an een zusätzliche Stress duerch  
dës laangwiereg Prozedure kann derzou féieren,  
datt sech hire mentale Gesondheitszoustand wei-  
der verschlechtert.

Wat déi verkierzten Delaie fir d'DPlen selwer ugeet,  
si mer skeptesch. Et dierf nämlech net esou sinn,  
datt d'Leit ze spët gewuer ginn, datt se hätte kënnen  
Recours aleëen. Dës méi kuerz Delaie sinn also  
nëmme gerechtfertegt, wann den Encadrement vun  
den DPlen verbessert gëtt a se esou zu all Moment  
kënnen op d'Fachwësse vu Betreier oder Affekoten  
zrëckgräifen, déi se duerch déi Prozedure beglee-  
den. Dëst ass am Moment net de Fall, an dofir  
kënnen mer dës Schrëtt net mat ënnerstëtzen.

Donieft wëll ech op dëser Plaz awer nach op een  
anere Punkt ze schwätze kommen, deen och de  
Kolleg David Wagner virdrun a senger ganz per-  
tintenter Interventioun ugeschwat huet, an dat ass,  
datt et bei der Arrivée zu Lëtzebuerg zu Situatiounen  
kënn, wou d'Handyen an d'Computere vun DPlen  
duerchsicht ginn, dëst mat der Begrënnung, datt ee  
wëilt d'Identitéit vun de Beträffene feststellen.

Dowéinst ginn dann elo hir Fotoen an hir Textmes-  
sagen duerchgekuckt. Et gëtt sech duerch dat In-  
tiimst, wat en DPI nach derbäihuet, wann en hei  
ukënn, derduerchgeklickt. Et handelt sech heibäi ëm  
ganz perséinlech Donnéeën, déi engem scho ganz  
vill iwwer eng Persoun virun engem kënnen verroden,  
wéi zum Beispill hir sexuell Orientéierung, hir Relioun  
a Weideres. Wat se ganz heefeg awer net maachen,  
ass, datt se e legalen Numm mat sech bréngen. Dat  
huet nämlech och an Däitschland eng Enquête ge-  
wisen. Dëst ass en Zoustand, deen de Flüchtlingsrot  
an d'Mënschrechtskommissioun zu Recht kritiséie-  
ren.

An an deem Kontext hunn ech, änlech wéi den David  
Wagner, och eng Question parlementaire un den Här

Ausseminister gestallt, fir gewuer ze ginn, bei wéi  
vill Persounen d'Handyen duerchsicht goufen. Falls  
sech hei nämlech wéi an Däitschland sollt erausstel-  
len, datt dës Mesure absolutt net proportionell zu hi-  
rem Notzen ass, wouvun ech ausginn, misst d'Ge-  
setz op deem Punkt dréngend nogebessert ginn.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, zum  
Schluss wëllt ech awer dann och nach op d'Festhale  
vu biometreschen Donnéeën ze schwätze kommen.  
Mir Piraten si generell géint d'onnëtz Späichere vun  
Donnéeën. An nom Prinzip vun der Datespuersam-  
keet missten d'Donnéeën nom Ausstelle vun enger  
Carte d'identité oder dem Pass, oder an dësem Fall  
nom Opstelle vun engem Dossier, geläscht ginn, wa  
se dann net méi fir eng international Datebank ge-  
braucht ginn. Dat heescht, wa mer am Kader vun  
Dublin d'Persoun ofgeglach hunn, wa mer wëssen,  
datt se hir Demande hei dierf stellen a wa mer sé-  
cher sinn, datt mer eng Identitéit festgestallt hunn,  
da musse mer keng biometresch Donnéeë méi vun  
enger Persoun späicheren, well mir wësse jo, wien et  
ass. A wann do keen Doute méi besteet, da sollte  
mer se och net behandelen, wéi wa mer et net wëss-  
ten. Dofir hu mer och mat deem Punkt nach e klenge  
Problem.

Insgesamt ass dat heiten e Gesetz, wou ech ganz  
gäre géif mat vollem Häerz Jo soen, well et wichteg  
Verännerungen, wichteg Verbesserungen bréngt. Et  
ass awer leider esou, datt nach e puer Couacken dra  
sinn, soudatt mer eis d'nämmlecht wéi d'Kollege  
vun déi Lénk hei wäerten enthalen, wat awer net  
heescht, datt d'Gesetz ganz schlecht ass. Et sinn  
awer Punkten dran, déi ech elo ugeschwat hunn, déi  
eis dozou beweegen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools,  
Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aussen- an Im-  
migrationsminister Jean Asselborn.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Merci, Här President. Merci och fir déi  
lieweg Analys, déi gemaach ginn ass hei vun alle  
Säiten.

Ech wëll emol ufänke mat deem, wat mer hei ze de-  
cidéieren hunn. Dat Éischt, dat ass: Mir si jo hei am  
Asylgesetz, an dat ass vum Rapporteur, dem Yves  
Cruchten, absolutt korrekt an och verständlech  
duergeluecht ginn. Ech widderhuelen dat net ganz,  
mee mir waren dacks - an ech si jo och Deel do der-  
vunner - a Situatiounen, wou an allerleschter Minutt  
e Referé komm ass. D'Leit hunn d'Recht, fir e Referé  
anzebréngen. An dann ass Nervosität gewiescht,  
bei deene Leit, déi beträff ware selbstverständlech,  
mee och bei deem ganzen Environnement, an du-  
erfir hu mer dorop higeschafft. Mir hunn dat am Ko-  
alitiounsprogramm och festgehalten.

Dat huet net all Land, dat stëmmt, wat den Här  
Kartheiser gesot huet. Mee mir hunn et, well mir  
mengen, dat wier eppes, wat géif passen zu enger  
mënschlecher Asylpolitik, dass d'Leit, och wa se  
am Kader vun dem Dublin-Verfahre sinn, dat heescht,  
an engem anere Land schonn an der Prozedur sinn  
oder ofgewise sinn an engem anere Land, dass se,  
ier se transferéiert ginn, awer trotzdeem d'Recht  
hunn, nach e Recours ze maachen an dann nach ee  
Recours en réformation. Dat heescht, dass et dee  
Moment och fir deen, dee Minister ass, vill méi ein-  
fach ass, dass dann d'Geriicht déi lescht Decisioun  
hëlt an dass de Minister sech dann natierlech  
dorummer kann halen. Duerfir, mengen ech, ass dat  
schonn e Fortschritt am Interêt vun de Leit, déi  
concernéiert sinn. An duerfir gesinn ech do och elo  
keen Hannergedanken derbäi.

Zvou aner kleng Saachen: Dat eent ass, wann eng  
Persoun de Refugiéstatut oferkant kritt huet. An  
et war een Deputéierten hei, deen op menger rietser  
Säit hei sëtzt, deen dat, mengen ech, total duerjena-  
negerhëit huet. Wéini gëtt de Statut oferkant?  
Wann zum Beispill een, deen an der Prozedur ass  
an natierlech schonn dee Moment de Statut kritt  
huet, sech penal strofbar mécht, oder wann en  
d'Land verléisst, da kann de Statut oferkant ginn.  
Dat ass eng Decisioun, déi da geholl gëtt opgrond  
vu Fäiten, déi virleien.

Oder: en Dossier definitiv clôturéieren; den Här  
Cruchten huet dat och kloer explizéiert. Fir lech déi  
Chifferen ze ginn, wann dat lech interesséiert: Am  
Joer 2020 hate mer 102 Persounen, wou den Dossier  
clôturéiert ginn ass. Mir haten der 2019 nach 308.  
An der Moyenne kann ee soen, dass bei ongeféier  
200 Persounen, dat heescht 10 % vun deenen, déi  
eng Demande stellen, den Dossier clôturéiert gëtt.

Virun allem sinn dat Leit - ech wëll dat hei och soen  
- aus dem Maghreb. An do ass et dann esou, dass  
do och no néng Méint d'Leit eng Méiglechkeet  
hunn, fir nach e Recours ze maachen. Gutt! Ech  
mengen, mir sinn an engem Land, wou ee géint eng  
Decisioun vun enger Verwaltung, vun engem Mi-  
nistère kann e Recours maachen. An dat ass  
domadder dann och ofgedeckt.





Dat wat d'Police ugeet, ech mengen, do komme mer elo wäit. Ech sinn net Polizist, mee ech mengen awer, mir sollen och deene Leit eist Vertrauen aussprechen. Et si Beamte vun der Police judiciaire. A wann d'Leit am Eurodac dra sinn, da brauchen net méi vill Recherchë gemaach ze ginn, da sinn déi ganz séier do duerch d'Fangerofdréck. A wann een elo seet, dass och d'Polizisten, déi net an der Police judiciaire sinn, kënnen kucken, wien dee Mënsch ass, deen hei Asyl freet, ech mengen, dass déi dat jo dauernd maachen, op jidde Fall déi vun der Police judiciaire, an och déi richteg Informatiounen un hir Kollegee weiderginn.

Dat ass sensibel, do sinn ech mat jidderengem d'accord, deen dat hei evokuéiert huet. Ech äntweren och op déi Froen, déi ech gestallt kritt hu vun de Kollegen hei aus der Chamber dozou. Mee wann ech gelift, dat ass keen einfachen Job a verschidene ganz schwéiere Situatiounen, déi ech och selwer schonn erlieft hunn. Mir kënnen hei am Land jo net virukommen am Asyl, wa mer net wëssen, wien déi Persoun ass a wéi déi Persoun sech dann ausweist. An dass dat do ëmmer glat iwwert d'Bün géif goen, ech mengen, esou naiv d'äerf een net sinn, dat ass net esou!

Ech wëll och net all Kéier, wa mer hei nëmmen de près ou de loin iwwert den Asyl schwätzen, erëm op déi Riede mussen äntwere vun der ADR. Ech wëll just vläicht zwou Saache soen. Dat eent, dat ass dee Pullfaktor. Ech héieren dat elo zënter 2015, zu Bréissel oder zu Lëtzebuerg, wa Conseil ass, all Mount, all Mount, all Mount, an ëmmer vun deenen nämmlechte Länner! Mir kennen déi. Dat ass Polen, dat ass Ungarn a leider och elo zënter enger gewëssener Zäit Eisträich an nach e puer anerer. Dat ass einfach gesot: „Wat Dir de Leit méi hëllef, wat der méi kommen. Also loosst d'Fangeren ewech! Maacht Är Hëllef op e Minimum, da kommen der net vill heihinner.“ An no där Logik fiert Ungarn. No där Logik fiert Polen. No där Logik fueren och aner Länner an Europa.

Mee wëlle mir als Lëtzebuerger op esou enger Säit sinn?! Mir d'äerfen dach net vum Prinzip ausgoen beim Asyl, dass de Mëssbrauch eigentlech d'Reegel ass an dass, wéi den Här Kartheiser dat seet fir d'ADR, den Asyl fir Leit, déi wierklech hu misse fortgoen aus hirem Land a Schutz kréien, d'Exceptioun ass, dass dat d'Ausnam ass!

Wann een esou eng Philosophie huet, dann ass een net nëmme mat Gambia, mee ech mengen, mat Gambia plus hei an dësem Sall, hei an dëser Chamber an ënnert der Populatioun vun de Lëtzebuerger an der Minoritéit. An do soll een och bleiwen!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Ech soen lech ganz genee ... An ech kucken net, ob ee Mëssbrauch hei mécht. Selbstverständlech ass dat e Fait an et ass och eppes, wat virkënn. An do mussen mer eis och dergéint wieren, wann d'Leit vun där Situatioun profitieren, an dat maache mer och. Ech kucken d'Ae vun deene jonke Leit, vun deene Kanner, déi mer zum Beispill vu Mória opgeholl hunn, déi an e puer Méint Franséisch geléiert hunn a Franséisch kënnen schreiwen an déi all Dag wëssen, dass se sech mussen druginn an dass se net do sinn, fir engem Minister Merci ze soen, mee fir deem Land, dat se opgeholl huet, Merci ze soen a sech anzesetze fir dat Land. Doduerch si mer méi räich ginn, Här Kartheiser! An Dir gitt mat Ärem Tralala, deen Der allkéiers hei dorüwer opféiert, ëmmer méi aarm!

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Aussen- an Immigrationsminister Jean Asselborn. An direkt Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

(*Brouhaha et interruptions*)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Ech ka mech vläicht net esou elegant ausdrécke wéi den Här Asselborn. Mee ech gi mer awer Méi, op seng Argumenter ze äntweren.

Dat Éischt ass: Mir si vläicht hei zu Lëtzebuerg politesch an der Minoritéit, ech weess awer net, ob mer bei der Populatioun an der Minoritéit sinn.

(*Brouhaha et exclamations*)

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Dach, dat sidd Der och!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et ass eng Plaz ...

■ **Une voix.**- Bretzt lech net!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Am rietsen Eck.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et ass eng Plaz, wou mer garantéiert an der Majoritéit sinn, ...

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Am rietsen Eck!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... an dat ass Europa. Well et ass net nëmme Polen an Ungarn. Nee, et sinn der ëmmer méi. Frankräich huet der ganz weineg geholl. An nach vill anerer och. Et ass esou, dass mer eigentlech an enger Situatioun sinn - wann ech mech elo net ieren, mee dat kënnen mer jo mathematesch nopréiwen -, dass Lëtzebuerg dat

Land an Europa ass, wat proportional am meeschte Migranten opgeholl huet, nach méi wéi Däitschland a Schweden.

(*Brouhaha et interruptions*)

Do si mer! An déi allermeeschste Länner an Europa, déi grouss Majoritéit huet entweder keng geholl oder ganz weineg oder gëtt ëmmer méi restriktiv.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Här President, d'äerf ech just froen: Ass dat eng Fro oder wat gëtt elo hei gemaach?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Nee, Parole après ministre. Dat ass eng Prozedur hei an der Chamber ...

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Dat ass eng Fro.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... an ech hu fénnef Minutten, fir no lech ze schwätzen.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Dat ass eng Fro!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Nee, ech brauch lech keng Fro ze stellen, et ass Parole après ministre. Voilà. Dat ass d'Prozedur hei am Parlament, Här Minister.

Mee Demokratie, wësst Der, dat ass jo eng Saach, do si mer och vläicht ...

■ **Une voix.**- Elo geet et duer!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Gutt.

Also, dann déi aner Saachen, déi Der gesot hutt, ausser dass Der behaupt hutt, mir wäeren an der Minoritéit - ech behaupten, mir sinn an der Majoritéit -, ...

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Fakenews!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... dat betrëfft déi Foulle électronique.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Da beweist et!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Do ass ganz kloer, dass mir als Land en Interessi drun hunn. An do sinn ech bei lech, Här Asselborn, do sinn ech bei lech. Mir mussen wëssen, wat d'Identitéit vun deene Leit ass. An ech soen lech, déi Leit, déi wierklech verfollegt ginn, déi hu guer kee Problem fir ze soen: Ech sinn deen an deen. Ech sinn aus deem Grond verfollegt. Déi Leit, déi dat net wëlle soen, déi hunn eppes ze verstoppen!

An natierlech ass et eist Recht, et muss eist Recht sinn, alles ze huelen, fir d'Identitéit feststellen. Hu mer dann net och e Sécherheetsinteressi dobäi? Hu mer net och e legalen Interessi dobäi, fir d'Asylgrënn kënnen feststellen?

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Hu mer dat dann net gemaach?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Hu mer ... Hei si vill Parteien heibannen, déi elo dergéint plädéiert hunn, Här Engel. An dann, hu mer net e Recht drop, den Alter feststellen, well et eng aner Prozedur gëtt fir Mannerjäreger wéi fir Groussjäreger? An do muss ee jo awer och sécher sinn, dass do déi richteg Prozedur applizéiert gëtt. Hu mer net e Recht drop, fir dann all déi aner Facteuren ze kucken, déi herno gekuckt gi bei der Familljenzesummefeierung an esou weider? Hu mer net e Recht drop fir erauszefannen, wat de Migratiounswee war, wou mer wëssen, dass et dacks mat kriminelle Schlepperbande geschitt, oder wien do géint d'Gesetz verstéisst, fir verschidene Leit déi illegal Arees an Europa kënnen ze erlaben? Well dat ass et jo. Et ass jo an deene meeschste Fäll eng illegal Arees. Hu mer dann net e Recht als Staat, fir dogéint virzegoen? Wéi naiv si mer dann?! Oder wéi naiv sinn heibanne sechs vun deene siwe Parteien?

(*Interruption*)

Et ass ganz kloer, dass mer mussen och d'Foulle électronique kënnen maachen, egal ob de Lëtzebuerger Flüchtlingsrot oder d'Commission consultative des droits de l'homme sech do anescht ausschwätzt.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- All Mënscherechter sinn egal!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech mengen, mir respektéieren d'Mëscherechter. Mir respektéieren d'Rechter vun deene Leit, déi Asyl froen, awer ouni all Naivitéit a mat vollem Realismus.

Et ass nach eng lescht Saach: Wa mir d'Identitéit vun deene Leit kennen a wa mer wëssen, firwat se hei sinn, wéi se heihinnerkomm sinn, dann ass et och wichteg, dass mer dee Wee vun der konsulare-scher Zesummenaarbecht mat deene konsulare-sche Vertriedungen hunn aus deem Land, vu wou se sinn, fir se kënnen zréckzeféieren.

Wisou kënnen ...

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Ma dat maache mer dach, Här Kartheiser!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ma ech erklären Äre Parteikollegen, firwat mer mussen d'Identitéit feststellen.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Ma wat huet dat do mat menger Ried ze dinn?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An et ass esou, Här Minister, dass politesch ... Et gëtt jo Länner, déi hir Leit net wëllen zréckhuelen. Et gëtt Länner, wéi verschidden nordafrikanesch Länner, déi hir Leit bewusst net wëllen zréckhuelen. Dann ass et un lech an Ärem Ressort, fir do deen néidegen Drock ze maachen, bei deenen nordafrikanesch iwwer eis Handelspolitik an der Europäescher Unioun, bei aneren iwwert d'Entwécklungshëllefpolitik. Mee et muss ee Message kloer sinn: Mir kënnen net toleréieren, dass verschidde Staaten net mat eis zesummeschaffen, fir hir Ressortissanten zréckzehuelen, a se da gläichzäiteg nach massiv finanziell ënnerstëtzen. Dee Wee ass fir eis net akzeptabel. Et ass eng Politik, déi an eng Sakgaass féiert. Dir maacht se, mir refuséiere se!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Ausseminister.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.**- Nee, mee Här President, ech verstinn net alles hei an der Chamber. Mee ech muss jo net alles verstoen. Wat haten déi Äntwerten do oder déi Froen oder déi Commentairen, déi den Här Kartheiser gemaach huet, mat deem ze dinn, wat ech hei gesot hunn zum Gesetz?

(*Interruption*)

E geheet eis hei eppes un de Kapp, wat d'Regierung net géif maachen. Selbstverständlech kontrolléiere mir! Selbstverständlech setzen ech mech an! Ech si scho selwer eng Kéier an de Maroc an an Algerie gefuer, fir dass se déi Leit, déi illegal hei am Land waren an déi hei deboutéiert sinn, zréckhuelen. Dat maache mer als Europa. Dat maache mer och als Lëtzebuerg. Dat maachen all d'Länner.

Mee et schéngt esou hei eriwuerzekommen, wéi wann den Här Kartheiser deen Enzege wier, deen do der Regierung elo mol géif soen, wat se ze dinn hätt. Ma dat ass absolutt falsch. Dat ass total falsch. An déi Parteien, déi heibanne vertruede sinn, déi wëssen dat och. Fäerdeg!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Asselborn.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ech wollt just, éischstens, dem Här Minister soen, dass ech op e puer Saache reagéiert hunn, déi e gesot huet, notament - vu datt e mech och perséinlech genannt hat, iwwregens -, dass mir an enger Minoritéit wäeren. Ech hunn em erkläert: Mir sinn an enger Majoritéit, souwuel hei am Land wéi an Europa.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Dat ass net wouer!

■ **Une voix.**- Ma nee!

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat Zweet ass: Ech hunn ...

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Dir sidd eng absolutt Minoritéit, eng ganz kleng!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Fakenews!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech hunn dem Här Asselborn erkläert, wat e soll maache fir d'Zréckféierung vun deene Leit ze favoriséieren, eppes wat d'Regierung (...) mécht. An zur Prozedur, déi fannt Der am Reglement vun der Chamber, Här Minister: Parole après ministre. Et ass gutt, dass een hei vum Parlament dat lescht Recht huet. Et ass éischstens (...) an net d'Regierung. Mir sinn do, fir lech ze kontrolléieren. Dir sidd net do, fir d'Parlament ze kontrolléieren. Wann Der an Europa vun Demokratie schwätzt, da respektéiert se och hei am Land!

(*Micro non allumé*)

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7681. Den Text steet am Document parlementaire 7681<sup>4</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7681 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(*Appel nominal pour votes par procuration*)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 52 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

## 9. 7682 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7682 iwwert d'Beweeungsfräiheet vu Persounen an iwwert d'Immigratioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile**

■ **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Rebelote, elo schwätze mer net méi iwwert d'Asylgesetz, mee iwwert d'Immigrationsgesetz, an zwar maache mer do Ännerungen am Immigrationsgesetz vun 2008, an déi kann ee graff an dräi Kategorien andeelen.

Eng Kéier gëtt d'Gesetz adaptéiert, fir den Exigenzen ze entspreche vum EU-Reglement 2019/1157 vum 20. Juni 2019 zur Verstärkung vun der Sécherheet vun de Carte-d'identitéen an den Documents de séjour.

Zweetens setze mer mat dësem Gesetz e puer weider Punkten aus dem Koalitionsaccord ëm. Virun allem geet et ëm verschidde Mesuren, déi zu enger administrativer Erliichterung bäidroen an den Delai fir d'Bénéficiaires de protection internationale vun dräi op sechs Méint eropsetzen, fir eng Demande de regroupement familial eranzeginn.

Zum Schluss ginn nach e puer Punkten ëmgesat, déi am EU-Recht virgesi sinn. Ech wäert och op e puer Haaptpunkten agoen. D'Detailer fannt Der jo da wéi gewinnt an deem schrëftleche Rapport.

Am éischten Artikel geet et ëm d'Prise en charge vun engem Drëttsaatler, also d'Méiglechkeet, d'Frais de séjour ze iwwerhuele vun enger Persoun aus engem Drëttsaat, déi sech zu Lëtzebuerg ophalen d'äerf. Mat dësem Gesetz gëtt elo preziséiert, dass eng Persoun, déi esou eng Responsabilitéit fir een aneren iwwerhëlt, och hei zu Lëtzebuerg wunne muss. Deen, deen d'Garantie stellt, muss och genuch Suen op der Säit hunn a selwer net op Sozialhëlfe zréckgräfen, fir dës Prise en charge kënnen ze finanzéieren.

Am Artikel 2 geet et ëm d'Attestation d'enregistrement. Wéi Der wësst: All EU-Bierger, deen op Lëtzebuerg kënn, muss sech bei der Gemeng umellen. De modifizéierte Règlement grand-ducal vum 5. September 2008 gesäit haut vir, dass do just den Numm, d'Adress an den Datum op deem Dokument stoe mussen. Dat gëtt am neie Reglement awer e bësse méi komplett. Do mussen elo nach aner Mentiounen derbäikommen. Duerfir gëtt de Règlement grand-ducal deenen neien Ufuerderungen ugepasst.

Beim Artikel 4 geet et ëm bal dat selwecht. Do dréit et sech dann ëm d'Modalitéte vun der Carte de séjour vun de Familljememberen, déi am Kader vun engem Regroupement kommen a méi laang wéi dräi Méint zu Lëtzebuerg bleiwe wëllen. Och hei ginn dann d'Format an d'Mentiounen dem EU-Reglement ugepasst.

Am Artikel 5 kënn et zu enger administrativer Erliichterung, no där en Drëttsaatler elo net méi eng Kopie vu senger Autorisation de séjour unhefte muss. Effektiv muss en déi Carte de séjour jo am Dossier leien hunn, duerfir mécht dat net ganz vill Sënn.

Eng aner Simplification administrativ preziséiert, dass et net méi noutwendeg ass, Copie-conformé vun de Reesdokumenter bäizeleeën. All d'Gemengebeamten dorëmmer am Land op de Gemengen, déi freeë sech, dass dat elo net méi muss gemaach ginn, well och dat ass eng Prozedur, déi bescheiden vun hirem Sënn hier ass.